LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

**De Briefing vum Premierminister Xavier Bettel vum 3. September 2014 iwwer d'Aarbechten vum Regierungsrot**

**Date : 03.09.2014** **14h00** **Durée : 21 ½ min**

**Briefing vum Premierminister Xavier Bettel:**

Dir gesitt, d'Madame Mutsch sëtzt och niewent mir, a wäert dann herno och méi an den Détail agoen iwwer d'Fro vun der Ebola, an iwwer déi Punkten, déi um Ordre du jour haut stoungen. Mir hu selbstverständlech iwwer déi ekonomesch Situatioun geschwat, iwwer d'Évolutioun. Déi Zuelen, déi een d'lescht Deeg matgedeelt kritt huet, sinn encourageant, an haut nach alleng hu mir gesot kritt datt mir au point de vue Kompetitivitéit no vir kommen. Dat weist, datt mir an déi richteg Richtung schaffen, an datt mir weider an dës Richtung mussen och goen, fir datt déi Relance économique net um Pabeier ass, mä also a Wierder ass, an um Pabeier, mee och an der Relalitéit, an och sech duerno an den Zuelen erëmfënnt.

Mir hunn och an der Actualité internationale laang driwwer diskutéiert. Den Här Asselborn huet eis och de Point gemaach iwwer déi verschidde Punkten. Dir wësst jo datt d'Situatioun an der Ukrain eng ass, wou ee bal all Stonn, a wéi ech dat virun e puer Deeg gesot hunn, kréien ech dat haut nees konfirméiert, all Stonn nees mat neien Evenementer, mat neien Aussoen, mat neie Positiounen ze rechnen ass. Lëtzebuerg setzt an deem Konflikt kloer op Désescalatioun an op den Dialog. An déi Informatiounen, déi een de Moie kritt huet, sinn an déi richteg Richtung gaangen. Mä d'Wafferou, wann et a Richtung Wafferou ass, ass dat selbstverständlech ze begréissen, awer och mat Virsiicht ze genéissen, well een déi eng Noriicht kritt, a knapps drop aner Noriichte matkritt.

Den Ausseminister huet eis och seng Experienzen a seng Vueën zu der Situatioun, där internationaler Situatioun explizéiert, och iwwer den Noen Osten, an och wat am Moment am Irak geschitt ass.

Ech muss Iech och soen, datt mir iwwer déi Décapitatioun, déi nees - vun engem Journalist - déi lescht Stonne stattfonnt huet, dépléréieren, regrettéieren, a wierklech eis och schockéiert huet.

Wéi gesot, d'Madame Gesondheetsministesch wäert duerno op den Ebola agoen. Da waren och nach eng Rei Texter, Projeten haut um Ordre du jour, wou ech ganz kuerz wéilt dorop agoen, déi och dann op den Instanzewee elo geschéckt gi sinn.

Mir hunn den Text ugeholl iwwer déi finanziell Hëllef vun de Fräiwëllegen, déi an d'Ausland ginn. Hei geet et drëms d'Kohärenz ze garantéieren, och mat deem neien Text, dee mir bei de Studentebäihëllefe sinn. D'Hëllef fir d'Volontaires war 2010, bei der leschter Reform och vun de Studentebäihëllefen, gehéicht ginn, a logescherweis geet déi och dann nees, wann d'Studentebäihëllefen ass, erof. Mä wat am wichtegsten ass an deem do Fait ass, datt déi Suen, déi do erof gi sinn, déi gi geholl fir Mesure fir d'Mise en oeuvre vun der Garantie Jeunesse ze maachen. Dat heescht, déi Sue gi gebraucht fir déi Leit, déi an deem Programm "Not in employment, education or training", dofir ginn déi geholl, dat heescht am Moment fir déi jonk Leit, déi keng Beschäftegung hunn. Mir hu gemengt, datt dat selbstverständlech ganz wichteg wier, och do déi Ënnerstëtzung ze ginn. Et ass net datt se einfach gespuert ginn, an net benotzt ginn, mä si ginn au contraire fir aner jonk Leit och gebraucht.

Mir hunn iwwer den Interreg och décidéiert, do ass et ëm de Interreg ENO gaangen. Do si mir och bedeelegt, dat ass Europa vum Nord-Ouest. An do sinn eng Rei Objektiver, déi sech op grenziwwergräifend Efforten an der Innovatioun, an der Ëmwelt, an och am Energieberäich resüméiere loossen.

Um Niveau vun der Éducatioun wësst Dir jo, datt mir d'CNEL hunn, dat ass d'Conférence nationale des élèves. Do ass och en neit Reglement geholl ginn, datt déi och op d'mannst muss eng Kéier pro Trimester zesummekommen. De Vote par correspondance gëtt erméiglecht fir d'Wahle vun der CNEL, a si kritt och en eegene Bureau exécutif mat 5 gewielte Vertrieder bei der CNEL.

Mir hunn d'Konditioune fixéiert fir déi Schüler, déi och an de Schengen-Lycée zu Perl wëllen ugeholl ginn. Do sinn, och ginn do Modalitéite geregelt fir Schüler, déi an aner Lycéeë wëlle wiesselen, respektiv fir déi, déi hir Première do och maachen. Dat ass néideg, well et och dëst Joer fir d'éischt d'Leit hiren Ofschloss am Schengen-Lycée och maache kënnen.

Mir hunn d'Konten ugeholl vum Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité. Dir wësst, dat sinn déi Suen, déi saiséiert gi bei Strofdoten, bei Drogen. An do sinn zejoert alleng an deem do Fong iwwer 28 Millioune finanzéiert gi fir verschidde Projeten.

Mir hunn de Rapport vum sozio-kulturelle Radio ugeholl, an iwwer hir Konten och vun 2013.

Voilà, dat waren déi grouss, a groussen Zich déi Punkten, déi mir diskutéiert hunn, an ech géif dann direkt der Madame Gesondheetsministesch d'Wuert gi fir déi aner Punkten.

**Lydia Mutsch:** Gutt, ech wollt op zwee Punkten agoen, déi haut am Regierungsrot zur Sprooch komm sinn. Deen ee concernéiert mech méi als Égalité des chances Ministerin, deen anere méi als Gesondheetsminister.

Dat éischt ass den Thema vun der Prostitutioun. Mir haten eigentlech eis virgeholl fir an der leschter Summersëtzung dee Punkt nach op den Ordre du jour ze huelen, mä do ware mir awer well aner urgent Froen dotëschent komm waren net méi dozou komm, esou datt

mir dat haut nogeholl hunn. Grosso modo ass et drëm gaange fir de Rapport vun der Plattform ze diskutéieren. Dat ass eng Plattform déi agesat gi war vun der Égalité des chances am Joer 2012. Déi huet 2013, wou déi nei Regierung d'Aarbechten iwwerholl huet, e provisoreschen Endbericht gemaach zu deenen Aarbechten. Ech hunn dunn d'Initiativ geholl mam Justizminister zesumme fir dee Rapport iwwer d'Prostitutioun nach ze étofféieren, an eng Rei vun Diskussiounen, déi nach opstoungen, weiderzeféieren. Virun allem am Zesummehank mat der Fro a wéi wäit een d'Situatioun um Terrain nach kéint verbessere mat de Méiglechkeete fir d'Prostituéiert aus hirem Business erauszeklammen, deen esougenannten Exit Programm.

Mir hunn och d'Pourparleren opgeholl mat der Sécurité sociale fir d'Méiglechkeet ze préiwen ob déi Versécherungsméiglechkeeten, déi zum Deel am Ausland ugeduecht waren, ob déi och hei méiglech wieren. A mir hunn eis och driwwer ënnerhale wéi mir d'Streetworkere besser équipéiere fir kënnen zousätzlech aktiv ze ginn.

Ech wëll mech am Moment op déi do Aussoe limitéieren. Mir hunn natierlech och eis d'Modeller am Ausland ugekuckt, dat kënnt Dir Iech jo virstellen. Mir géingen et awer ganz schued fanne wann d'Diskussioune limitéiert géinge ginn op d'Fro wéi e Modell mir fir eist Land wéilten. Ech géing esou wäit goe fir ze soen, mir brauchen e lëtzebuerger Modell, a weder e schwedeschen nach en däitsche Modell.

Mir hunn der Chamber virun der Summervakanz d'Wuert ginn, datt mir hir Primotéit géinge gi fir iwwer de Schlussbericht vun der Plattform ze debattéieren. Dat wëlle mir och esou maachen, esou datt mir an deenen nächste Wochen, mir stëmmen dat mat de jeeweilege Presidenten of, an d'Kommissiounen wäerte goe fir dee Bericht do virzestellen. Wann ech soe mir, da wäert ech dat gemeinsam mam Justizminister maachen, a mir wäerten och proposéiere fir eng Commission jointe dozou ze maachen. A mir wäerten an Zesummenaarbecht mat deene betraffene Kommissiounen en Débat d'orientation an der Chamber maachen, well mir mengen, datt dat e wichtege Sujet ass, deen och villschichteg ass, an deen eng Rei vu weidere Sujeten och beliicht, esou datt mir elo an deenen nächste Wochen deen Dossier op den Instanzewee ginn.

Deen zweeten Dossier, dee mir haut diskutéiert hunn, dee mech als Gesondheetsminister concernéiert, ass Ebola. Bon, ech wëll elo net Aussoe maachen iwwer den Eescht vun där Krankheet, an iwwer déi international Mesuren, déi an där Hisiicht scho geholl gi sinn. Ech mengen datt dat an deene leschte Wochen d'Thema vun der Aktualitéit war, deem jiddwerengem d'Méiglechkeet ginn huet fir alles doriwwer ze wësse vun där Krankheet wat hie wëll wëssen, och firwat do d'Urgence de santé publique ausgesprach ginn ass vun der OMS, a firwat och en Opruff ass fir um internationale Plang eng verstäerkte Koordinatioun ze maache fir deene Länner zur Säit ze stoen. Bon et si jo 4 Länner, déi haaptsächlech betraff sinn, zënter kuerzem och e 5. Land, de Senegal, deen dobäi komm ass.

Mir sinn als Ministère de la santé, respektiv d'Direction de la santé, d'Division de l'inspection sanitaire, permanent a Kontakt mat der OMS. Et ginn och eng ganz Rëtsch vun Entrevuen, déi permanent stattfannen, a wou eis Leit zesummekomme mat deenen Instanzen iwwer déi Fro beroden.

Ech wëll och vläicht d'Informatioun ginn, datt rezent iwwer de Ministère de la Coopération och decidéiert gi war fir 100.000 Euro méi zur Verfügung ze stelle fir eng Contribution nationale ze gi fir déi Hëllefsaktiounen, déi a konzertéierter Aktioun gestart ginn.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e permanente Kontakt am Kader vun der Europäescher Unioun. Ech si mir net sécher ob Dir wësst, datt de Comité de sécurité sanitaire européen, den Health Security Committee, oder HSC wéi mir soen, datt deen e Comité ass deen hei zu Lëtzebuerg baséiert ass. Dat heescht, dat si Leit déi mir kennen, mat deene mir souwisou schonn eng gutt Zesummenaarbecht an der Vergaangenheet haten. Mir hunn zweemol an der Woch Telefonskonferenze mat allen États membres, fir datt mir eis ënnerteneen ofstëmmen, an datt och ee vun deem anere weess, wéi eng Mesuren datt hien a senge Länner en place setzt. Dat sinn natierlech Telefonskonferenzen, wou och dann déi Recommandatioune vun der OMS mat erafléissen.

Déi Konferenzen, déi gi geréiert iwwer d'Division SANCO C3 vun der Europäescher Kommissioun, déi och hire Sëtz hei zu Lëtzebuerg huet, zu Gaasperech. A bei deene Konferenze ginn eben all Informatiounen echangéiert, an déi ganz Politike koordinéiert, an och sech preparéiert op d'Menace.

Ech wëll zu der Fro vun der Menace direkt eng grondsätzlech Ausso maachen. Mir wëssen, datt den Ebola eng ganz schrecklech Krankheet ass, wou all Zweeten deen infizéiert ass och un där Krankheet stierft. Allerdéngs wëll ech betounen, datt bis elo keng Ustiechung vun deem Virus an engem europäesche Land stattfonnt huet. Dat heescht, all déi Casen déi elo ugeholl gi waren, déi hu sech als negativ erausgestallt. Nëmme gutt, kann een do soen. Dat heescht, d'Wahrscheinlechkeet, datt an Europa déi do Krankheet sech ausbreede kann, déi gëtt esouwuel vun europäeschen Instanzen, wéi och vun OMS-Instanzen a vun internationalen Experten als extrem kleng ageschat.

Trotzdem wëll awer all europäescht Land, an iwwerhaapt all Land, op den Eeschtfall preparéiert sinn, well et besteet jo awer, och wann e kleng ass, e Risiko, datt kann e Cas vun Ebola importéiert ginn. An dowéinst muss och all Land sech opstellen, och wann esouguer an deem Fall d'Wahrscheinlechkeet, datt sech d'Krankheet da kéint onkontrolléiert ausbreeden, als ganz geréng agestuuft gëtt.

Dir hutt vläicht an deene leschte Woche gesinn, datt eng Rei vun Informatioune schonn erausgaange sinn, virun allem un d'Voyageuren. Mir hunn dat a Kollaboratioun mam Ausseministère gemaach.

Mir hunn och als Gesondheetsministère méi spezifesch déi Concernéiert déi am medezinesche Beräich aktiv sinn, mir hu geziilte Kommunikatioune gemaach fir d'Spideeler, fir d'Dokteren. Mir hunn och Sëtzunge gehat mat all deenen déi ronderëm de Flughafen dréine fir am Fall vun enger Prise en charge, mir hu mat Lux-Airport, mat Luxair, mat Cargolux, mat der Sécurité aviation civile, mat der Police, mat der Douane, mat Air Rescue Diskussioune gehat, an am Detail iwwer déi Froe geschwat.

Dir hutt och matkritt, datt den Ausseministère Informatioune ginn huet iwwer déi betreffend Länner, an och am Zesummenhang mat de Risiken déi een ageet, wann een esou e Land besicht.

Wat Iech natierlech besonnesch interesséiert, dat ass, wéi am Fall wou e Fall hei zu Lëtzebuerg géing festgestallt ginn, wéi mir da géinge reagéieren, wéi den Accueil wier?

Fir den Accueil vun enger kranker Persoun, oder vun enger Persoun wou d'Suerg besteet, datt déi Persoun kéint infizéiert sinn duerch den Ebola-Virus, do ass eng ganz spezifesch Procédure de prise en charge definéiert, zesumme mat der Inspection sanitaire a mat Lux-Airport. Dat ass eng intern Prozedur, déi ganz präzis definéiert ass, an déi regelt d'Evakuatioun vun engem kranke Passagéier, säin Transport an de Service national des maladies infectueuses, den Accueil, de Recensement, d'Informatioun vun deenen anere Passagéier, an dann och herno d'Prise en charge vu Persounen, déi eventuell mat kënne concernéiert sinn.

Mir ginn am Moment dovunner aus, datt mir kéinten eng Prise en charge maache mam Service national des maladies infectueuses, deen am Centre hospitalier ass, a wou et da géing dorëm goen den Diagnostic ze etabléieren, an och den Traitement ronderëm déi krank Persoun ze organiséieren.

Mat deem Wëssensstand, a mat deenen internationale Recommandatiounen déi mir am Moment hunn, géinge mir, wann elo an deenen nächste Wochen e Fall géing optauchen, éischter d'Optioun huele fir déi Kontakter ze intensivéieren déi mir opgeholl hu mat dem Universitéitsspidol vu Stroossbuerg, déi eis eng Zesummenaarbecht ugebueden haten, sous condition datt mir den Aval vun der franséischer Regierung dofir géinge kréien. Dat heescht, am Moment bewege mir eis am Szenario, an déi Äntwert vun der franséischer Regierung ass imminent. Do hunn awer scho Pourparleren tëschent zwee Ministeren, also tëschent mir an der Madame Touraine, stattfonnt. Mir sinn also do an Erwaardung vun engem offizielle Bréif, datt mir am Krankheetsfall vun deenen nächste Woche kéinten eng infizéiert Persoun op Stroossbuerg féieren.

Mir hunn awer och gläichzäiteg Kontakt opgeholl, an dat sinn och déi ausgewise spezialiséiert Haiser um Niveau vun der Grande Région, dat ass Düsseldorf, et ass d'Klinik für Hepatologie und Infektiologie. Och hei ware schonn éischt Kontakter, well et war virun e puer Wochen an der Schwäiz en Treffe vun den däitschsproochege Gesondheetsministeren, wou zwar wuel Ebola net den Haaptpunkt um Ordre du jour war, mä wou dat do och ugeschwat ginn ass, a wou mir dorops hin offiziell Démarchë geholl hu vis-à-vis vun den däitsche Regierungsautoritéiten, en vue vun enger eventueller Prise en charge, fir de Fall wou esou e Fall géing bei eis ukommen.

A Kontakter bestinn och mat de belschen Autoritéiten.

Ech wëll dozou betounen, datt am Moment och eis belsch Kollegen nach net fixéiert sinn dorop, ob si am Fall wou eng krank Persoun géing bei hinnen ukommen, ob si eng eege Prise en charge géinge maachen, oder mat engem auslännesche Spidol géingen zesummeschaffen. Ënnert anerem gëtt Hamburg och ëmmer genannt, well dat déi Klinik

ass, déi am däitschsproochege Raum als héichspezialiséiert gëllt, an och deem entspriechend an deenen internationale Konferenzen och Aussoe gemaach hunn, datt si eventuell bereet wiere fir Persounen opzehuelen.

Esou datt sech dat an deenen nächste Wochen nach wäert konkretiséieren. A fir de Fall wou mir géingen op de Wee goe fir eng Prise en charge ze maachen, géinge mir dann nach am Detail soen, wéi eng Konditiounen do mussen erfëllt sinn, well mir wëllen dat natierlech dann och dee Moment ënnert alle Konditioune maachen, wéi dat och international virgeschriwwen ass.

Wéi ass et fir den Diagnostic? Do ass et esou, datt international virgeschriwwen ass, datt een, fir kënnen Échantillonen ze manipuléieren déi den Ebola Virus kënnen enthalen, datt een do héichspezialiséiert Sécherheetslaboratoirë muss hunn. Do gëtt vun engem Degré de sécurité P3+ geschwat. Am medezinesche Milieu ass dat direkt eng fest Donnée fir ze wësse wéi dee muss équipéiert ginn.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg iwwer den CRP Santé, also duerch de Centre de recherches publiques Santé, hu mir zwee spezialiséiert Laboratoiren déi an der Kategorie P3 sinn. Eng Kéier e Laboratoire de Rétrovirologie, an e Laboratoire immunologique, dat heescht, déi kéinte mat engem minimalen Zousazequipement dee Label vum Degré de sécurité P3+ kréien, well si sinn elo schonn an der Kategorie P3.

En attendant, well mir wëllen awer fir den Eeschtfall ëmmer preparéiert sinn, hu mir awer schonn e Kontakt mam Laboratoire de référence, deen nächstgeleeënen deen ass zu Lyon, an dee Laboratoire, deen och selwer aktiv ass wat d'Recherche zum Virus Ebola ugeet, dee kéint och déi Échantillone vu Lëtzebuerg huelen, an da wier den Délai de réponse ongeféier zwee Deeg.

Ech wëll och d'Informatioun ginn, datt mir gepréift hunn, ob den LNS, de Laboratoire national, kéint Échantillonen ophuelen, oder och e Suivi vun Traitementer maachen, wat elo d'Analys, d'Bluttanalysen ugeet. Am Moment ass den LNS net équipéiert. An et wier och ze vill opwenneg fir dat virzehuelen, esou datt do am Moment d'Zesummenaarbecht etabléiert ass mam Laboratoire Bichat vu Paräis fir d'Folgeanalysen, also d'Analyse de suivi, am Eeschtfall ze maachen.

Och den Transport hu mir duerchgespillt. Do si mir équipéiert, wa mir eng Persoun an d'Ausland géinge féieren. Do stinn zwou héichspezialiséiert Ambulanzen zur Verfügung vun der Administration des services de secours, esou datt mir dat och duerchgespillt hunn.

Ech wéilt ofschléissend nach soen, datt mir déi do Informatiounen am Fong haut just am Conditionnel diskutéiert hunn, well natierlech all Land wëll preparéiert sinn, wann esou en Eeschtfall géing kommen. Mir sinn och um interministerielle Plang gutt opgestallt fir den Eeschtfall duerchzespillen. A mir wäerten an deenen nächste Wochen nach präziséieren, wéi dann elo déi eenzel Prozedure sinn déi en place gesat ginn, a wat mir hei am Land kënne maachen a wat net.

**Xavier Bettel:** Voilà, wéi gesot, et war wichteg d'Koordinatioun hei och ze maachen, an datt d'Gesondheetsministesch och, zesumme mat deene verschiddenen Acteuren déi um Staatsniveau aktiv hei sinn, eis dat de Moie presentéiert huet. Mir hoffe selbstverständlech, datt, esou wéi d'Madame Ministesch et gesot huet, et am Conditionnel bleift.

**Paul Konsbruck:** Si Froen, vläicht direkt op dee Sujet, wou d'Madame Gesondheetsminister elo grad dozou geschwat huet? Géife mir vläicht domat ufänken. Okay. A voilà, Joëlle Merges vum Wort.

**Joëlle Merges:** Ech hu just eng Verständnisfro. Dir hutt diskutéiert d'Prise en charge am Centre hospitalier, an déi auslännesch Possibilitéiten. Wat huet dann elo Virrang? Gëtt fir d'éischt gekuckt ob de Patient méiglecherweis hei behandelt ka ginn, oder fir d'éischt an d'Ausland?

**Lydia Mutsch:** Also wa mir innerhalb vun deenen nächste Wochen e positiven Aval vun der franséischer, respektiv der däitscher Regierung kréie fir am Noutfall, am Eeschtfall e Patient dierfen op Stroossbuerg oder op Düsseldorf ze bréngen, da géinge mir fir déi Méiglechkeet optéieren.

**Paul Konsbruck:** Claude Molinaro vum Tageblatt.

**Claude Molinaro:** Jo, ech hunn eng Fro. Wat gëtt konkret op de Flughäfen zum Beispill gemaach? Et ass jo net auszeschléissen, datt iergendwéi iwwer en Drëttland een aus deene Länner, ob et elo en Tourist ass, oder een deen aus dëse Länner staamt, heihinner kënnt. Ginn do konsequent Kontrolle gemaach?

**Lydia Mutsch:** Also mir hu fir d'éischt emol gekuckt, dat ass iwwer de Kooperatiounsministère gaangen, ob mir, wat d'Entwécklungshëllef ubelaangt, ONGen hunn oder Mataarbechter, déi an engem vun deene 5 betraffene Länner aktiv sinn. An do ass d'Äntwert neen. Mir sinn do selwer als Lëtzebuerger net engagéiert an deene Länner, an dofir ass an där Hisiicht de Risiko en anere wéi zum Beispill bei eise belsche Frënn, oder och bei eise franséische Frënn.

Da wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, datt mir den Eeschtfall mat allen Autoritéite ronderëm de Flughafen duerchgespillt hunn. Dat ass eng Prozedur, déi net elo eréischt en place gesat ginn ass. Dat ass eng Prozedur, déi schonn en place ass fir d'Arrivée vun enger Persoun, déi eng Infektioun huet, net nëmme bei Ebola, mä och bei aneren Infektiounen, déi ustiechend sinn.

Wat och vläicht ze betounen ass, an dat wäerte mir och kommunizéieren, wahrscheinlech schonn haut, oder op alle Fall an deenen nächsten Deeg, mir hunn do de Moien och den Aval gi fir eng Kommunikatioun un de grand public fir d'Leit och ze rassuréieren, an datt se net fäerten, datt elo den Eeschtfall imminent ass, a mir grouss Geforen als Land hunn.

Mä d'Ustiechungsgefor bei engem Transport aérien, dat heescht, et wier een, loosse mir soen, et wier een am nämmlechte Fliger wéi eng infizéiert Persoun, déi ass enorm geréng,

déi ass vill méi héich bei aneren ustiechende Krankheeten. Dat hu mir och bestätegt kritt vun de sanitären Autoritéiten.

Wat net systematesch bei eis am Land gemaach gëtt, an och net an deenen anere Länner, dat ass Leit ofzefänken an dann unzefänken eng Prise en charge um Flughafen ze maachen, a se ze analyséieren. Dat ass net virgesinn, an de Risiko ass och net do, well mir, wéi gesot, keng Persounen hunn, déi elo direkt op deene Plaze schaffen.

Et gëllen natierlech déi dräi Haaptrecommandatiounen, déi och den Ausseministère mat eis zesummen no bausse ginn huet. Wann dann een an deene leschten 21 Deeg aus engem Land kënnt, also aus engem vun deene 5 Länner wou Ebola sech an deene leschte Wochen a Méint ausgebreet huet, da muss een oppasse wann een e risikohaft Verhalen hat, zum Beispill a Kontakt komm ass mat enger infizéierter Persoun, dann ass ee supposéiert dat ze signaléieren. A wann ee méi wéi 38,5 Grad Féiwer während e puer Wochen hannerteneen huet, kombinéiert am schlëmmste Fall mat enger vun deenen zwou éischtgenannte Konditiounen, da gëllt een als Risikopatient, an dann trëtt déi Prozedur a Kraaft, déi ech Iech elo grad gesot hu wat den Diagnostic och do ubelaangt.

**Claude Molinaro:** Awer ganz kloer, um Flughafe gëtt keng systematesch Kontroll gemaach vun egal wiem deen do aus engem Land kënnt?

**Lydia Mutsch:** Neen. Och an eisen Nopeschlänner net.

**Paul Konsbruck:** Claude Zeimetz, RTL.

**Claude Zeimetz:** Et war just och elo eng Verständnisfro. Dir sot grad datt kee vu Lëtzebuerg aktiv wier an deene concernéierte Länner. Ass dat och am Senegal?

**Lydia Mutsch:** Iwwer d'Entwécklungshëllef.

**Claude Zeimetz:** Iwwer d'Entwécklungshëllef. Wat maacht Dir dann elo mat Persounen, déi zum Beispill och fir de Staat, ech denken elo un den Ausseministère zum Beispill, an déi Länner elo ginn? Ginn et do extra Consignen, well déi exposéiere sech jo do och dann engem grousse Risiko.

**Lydia Mutsch:** Neen, do ginn et keng extra Consignen, ausser déi allgemeng Recommandatiounen, déi mir och gemaach hu fir d'Voyageuren.

**Paul Konsbruck:** Jacques Ganser, Wort.lu.

**Jacques Ganser:** Dir hutt déi eenzel Mesuren elo opgezielt, déi esou geholl gi sinn. Mä elo konkret. Muer de Moie kënnt een un um Findel, an do ass e Vedachtsfall. Kënnt Dir just eng Kéier erkläre wat da genee ofleeft, a wien alertéiert gëtt?

**Lydia Mutsch:** Okay. Wa mir muer oder an engem vun deenen nächsten Deeg oder Wochen de Verdacht hätten, datt eng mat Ebola infizéiert Persoun zu Lëtzebuerg géing ukommen, da géing fir d'éischt zum Droe kommen déi spezifesch Prozedur vun der Prise

en charge vun engem kranken oder infizéierte Mënsch, wéi se etabléiert ass schonn a Kollaboratioun mat den Instanze vu LuxAirport, an der Inspection sanitaire vun der Direction de la santé.

Dat ass eng Prozedur, déi net elo eréischt wéinst Ebola en place gesat ginn ass, mä dat ass eng Prozedur, déi gëllt bei allen Infektiounskrankheeten, an déi Risikoe sinn all kloer definéiert, an et gëtt och Lëschte wéi eng Krankheeten dat sinn. Dat ass eng LuxAirport Procédure interne DPE05SE. Dat ass déi offiziell, deen offiziellen Numm vun där Prozedur.

An ech nennen déi dowéinst, well déi, déi sech em déi Prozedur këmmeren, déi wëssen datt dat déi nämlecht Prozedur ass, wéi se och an deenen anere Länner en place musse gesat gi vun den entspriechenden Autoritéiten, an dat ass dofir och esou bei eis.

Iwwer déi Prozedur ass d'Evakuatioun vun där kranker Persoun geregelt, den Transport an de Service national des maladies infectueuses, den Accueil, de Recensement, d'Informatioun vun deenen anere Passagéier, an och d'Prise en charge vun eventuelle Persounen, déi nach als Risikopersoune kënnen ageschat ginn. Dat Ganzt steet ënnert der Direktioun vun der Inspection sanitaire vun der Direction de la santé.

Wat och geregelt ass, dat ass d'Enquête sanitaire ronderëm e Cas d'infection, fir datt och all déi Kontakter kënnen detectéiert ginn, déi eventuell susceptibel ginn, datt se och kënnen eng Infektioun weiderginn, dat heescht, all déi Leit, déi mat där Persoun a Verbindung komm sinn. Déi gëtt och gemaach vun den Agente vun der Inspection sanitaire duerch Enquêtes sanitaires. Dat sinn zum Enge Routinenenquêten, wéi zum Beispill fir ze kucken ob nach zousätzlech Erkrankunge virleien, oder ob déi Persounen iergendwellech Zeechen opweisen. Dat ass net vill anescht wéi bei aneren Infektiounen, zum Beispill enger Méningite, do gëtt dat och scho systematesch gemaach.

De Kontakt mam Virus Ebola dee bedéngt e sanitaire Suivi vun dräi Wochen. Iwwer d'Zäit vun dräi Wochen eraus ass keng Ustiechungsgefor méi do, an da kann d'Krankheet sech och net méi développéieren. Bon, déi concernéiert Persounen, déi mussen awer nach, also ech schwätze vun deene Persounen, déi elo eventuell och mat där Persoun déi infizéiert ass, kënnen a Verbindung kommen, déi muss doheem bleiwen. An do ass dann, zweemol am Dag ass e Kontakt mat der Inspection sanitaire, wou hiren état de la santé permanent repertoriéiert an och dokumentéiert gëtt. An do ass natierlech, alles wat Féiwer oder aner Zeechen ubelaangt, setzt dann déi Persoune vun der Inspection sanitaire an eng Situation de vigilance, an deemno wéi kéint dann déi Persoun och als Patient ugesi ginn.

Bon, u sech ass et esou datt all Mission de prise en charge vun enger infizéierter Persoun hei am Land an de Service national des maladies infectueuses gehéiert, deen ass am Centre hospitalier, et ass en héichspezialiséierte Service, e steet ënnert der Tutelle vun der Dokter Thérèse Staub a vum Dokter Vic Arendt, déi alle béid, also esouwuel d'Thérèse Staub déi de Lead huet, wéi och den Dokter Vic Arendt, Spezialisten a Maladies infectueuses sinn.

Den Diagnostic, hunn ech Iech d'éinescht gesot, dee kann ofgewéckelt ginn iwwer déi héichspezialiséiert Laboratoiren, déi mir hunn am CRP Santé. Do menge mir awer, mä dat

wësse mir an deenen nächste Méint, datt nach eng kleng Norüstung muss kommen, e klengen Invest muss komme fir datt den Degré de sécurité vun deene Laboratoiren dee P3+ muss sinn, deen awer am Moment just, just ënnert Guillemets, P3 ass. Dat si scho ganz héichspezialiséiert Laboratoiren. Dat préiwe mir ob do nach eng kleng Zousazausrüstung muss kommen, fir datt dat do kann effectuéiert ginn. Mä am Prinzip kann awer den Diagnostic gemaach ginn iwwer den CRP-Santé, an iwwer de Service national des maladies infectueuses.

An da geet et drëm fir den Traitement vun där kranker Persoun ze organiséieren. Mir ginn dovunner aus, obwuel mir dat elo nach net schrëftlech kritt hunn, dat misst awer eminent sinn, datt mir den Aval kréien, Dir sidd jo nach ëmmer am Szenario et géing elo an deenen nächsten Deeg oder Wochen eng Persoun ukommen. Mir ginn dovunner aus, datt déi intensiv Kontakter, déi mir an deene leschte Wochen hate mat den Hôpitaux universitaires de Strasbourg, déi eis eng Collaboration de prise en charge ugebueden hunn, datt mir dat kënne maachen, mir brauchen awer dofir den offiziellen Aval vun der franséischer Gesondheetsministesch. Da géinge mir ënnert äusserst sekuriséierten Ëmstänn en Transport organiséiere fir déi Persoun dann op Stroossbuerg ze bréngen.

Bon, den Transport vun enger mat Ebola infizéierter Persoun dee géing geschéien iwwer eng vun deenen zwou Ambulanzen, déi mir hunn. Dat si spezial Ambulanzen vun der Administration des services de secours. Dat sinn héichspezialiséiert Gefierer, mat engem ganz modernen Équipement, deen och internationale Standarden entsprécht. Déi Gefierer sinn an der Stad stationéiert am Centre d’intervention vun de professionelle Pompjeeë vun der Stad Lëtzebuerg, an am Centre de secours de la Protection civile zu Diddeleng.

Déi zwee Zentren hunn och Personal forméiert fir ze wësse wéi déi Transporter ofgewéckelt ginn, a sinn och ausgerüst mat engem speziellen héichsekuriséierten Équipement.

Am Moment gesäit et net esou aus, op alle Fall war dat de Stand an där leschter Telefonskonferenz, datt en Transport aérien géing organiséiert ginn an deem Fall. Et gëtt recommandéiert fir en Transport terrestre ze maachen, also an eisem Fall iwwer eng vun deenen zwou Ambulanzen. Dat heescht et wiere weder eis Fligeren nach déi vun der Air Rescue, déi dat an deem Fall géinge maachen, well am Moment dovunner ausgaange gëtt, datt si net deen héichsekuriséierten Équipement hunn, dee mir bräichte fir en Ebola Patient ze transportéieren.

Dat heescht, am Moment ass d’Recommandatioun vum Comité de sécurité sanitaire européen, deen, wéi gesot, säi Siège hei zu Lëtzebuerg huet, fir wa missten esou Transports aériens organiséiert ginn, aus wéi engem Grond och ëmmer, datt dat dann um Niveau européen géing koordinéiert ginn, an net méi um Niveau national.

Ech mengen dat wier, dat ass wierklech komplex, mä ech mengen dat wier de Wee fir op Är Fro ze äntwerten, wat wier da wa muer oder d’nächst Woch e Patient zu Lëtzebuerg wier, oder wann e Verdacht wier, datt eng Persoun sech infizéiert hätt an zu Lëtzebuerg ukomm wier.

**Paul Konsbruck:** Ginn et weider Froen zu deem Sujet? Claude Zeimetz.

**Claude Zeimetz:** Wat schwätzt ënnert där do Konditioun éischter fir Stroossbuerg wéi fir den CHL, wann dat esou och e kompliziéierten Transport ass, deen och dann Zäit brauch, an esou?

**Lydia Mutsch:** Et ass natierlech keng einfach Situatioun. Mir hunn d'Pourparlersë relativ fréi opgeholl mam CHL, esouwuel mat de spezialiséierten Doktere wéi och mat der Direktioun. An do ass an enger éischter Phas gesot ginn, jo, mir si jo dee Centre national, deen ausgewisen ass fir bei Maladies infectueuses operationell ze sinn, mä vu datt awer an deene leschte Wochen, virun allem iwwer déi Telefonskonferenzen, wou natierlech parallel dozou och permanent Entrevueë si mat den Dokteren, sinn awer dauernd nei Richtlinne komm wéi ee misst équipéiert si fir déi Prise en charge ze maachen, esou datt natierlech och hei fir eng Position, esou eng Position de recul komm ass, datt gesot ginn ass, hei da gitt eis elo awer iwwer déi international Instanzen, an iwwer d'Direktioun vun der Santé, déi international Recommandatiounen, natierlech federéiert, a probéiert ëmzesetze fir eist Land, gitt eis elo präzis Richtlinne fir datt mir definitiv kënne soen ob mir an allen Hisiichte komplett esou équipéiert si wéi déi international Recommandatiounen et ausweisen. An do si mir elo amgaangen dat opzestellen.

A fir awer net der Gefor ausgesat ze ginn, datt gesot gëtt, majo elo préift dir dat, an da muss dir eventuell awer nach deen een oder aneren Zousazéquipement hunn, oder vläicht awer nach Précautiounen huele fir d'Spidolspersonal och net ze belaaschten, a fir keng Panik opkommen ze loossen am Eeschtfall, well dat ass natierlech, och d'Professions de santé mussen deementspriechend protégéiert sinn.

An en attendant datt mir dat alles en place hunn, an datt mir kënnen definitiv soen, majo mir kéinten déi Prise en charge komplett sekuriséiert maachen, a mir si wierklech mat eisem Service national dee mir ausgewisen hunn, komplett konform zu deene Recommandatiounen, en attendant wëlle mir dann organiséieren, datt mir eng Persoun kënnen op Stroossbuerg bréngen, wou all déi Konditioune scho mat 100%eger Sécherheet erfëllt sinn.

Firwat Stroossbuerg? Majo ganz einfach well um Terrain eng enk Zesummenaarbecht ass tëscht den Doktere scho mat deem Centre universitaire. Allerdéngs gëtt et och eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat Düsseldorf, esou datt dat och eng Méiglechkeet ass. Mä am Moment wier et éischter Stroossbuerg.

**Paul Konsbruck:** Voilà, an de Joël Detaille vum Eldoradio huet nach eng Fro.

**Joël Detaille:** Ech hätt nach eng Verständnisfro zu deenen 100.000 Euro méi, déi vum Staat zur Verfügung gestallt ginn. Ginn déi sur place agesat an deene 5 concernéierte Länner an Afrika via WHO, oder wéi muss ech dat verstoen?

**Lydia Mutsch:** Dat ass eng Informatioun, déi ech vu mengem Kolleg Kooperatiounsminister kritt hunn. Dat ass eng annuell Kontributioun, déi si gi fir d'OMS fir eng Rei vun Hëllefsprojeten, an déi ass einfach em 100.000 Euro opgestockt ginn, fir datt gezilt och eng

Rei vun Hëllefstellunge kënne gi ginn. Mä wann Dir awer méi Detailer do wëllt, do wëll ech mech elo net onbedéngt ze wäit avancéieren, well dat fält awer ënner d'Tutelle vum Minister Romain Schneider.

**Paul Konsbruck:** Voilà, iert mir un d'Froe kommen un de Premier, huet hie selwer nach eng Präzisioun ze maachen zum Ordre du jour vun haut.

**Xavier Bettel:** Ech wollt just virdrun, well ech weess, dee Fong deen ech virdru gesot hunn, Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité, just fir Iech ze erklären, well ech hu virdru gesot, et si bal 30 Milliounen, ech wëll Iech soen, et si säitdem de Fong kreéiert ginn ass, sinn investéiert ginn iwwer 28 Milliounen Euro, dat heescht et kënnt ee bal op 29 Milliounen Euro.

Déi Sue si Suen déi confisquéiert gi bei Drogenaffären, bei, elo och nei, bei Blanchimentsaffären, an och bei Terroristenaffären. Do sinn d'Rentréeë, vun 2013, confisquéiert Suen alleng 385.467. Dat geet, do sinn et Pointe ginn am Joer 1997, 1997 bei iwwer 17 Milliounen Euro. Fir Iech awer ze soe wéivill Suen do an deem Fong sinn.

Déi Sue ginn dann och gebraucht fir Projeten hei am Land, fir Projeten och am Ausland. Dat si Projete mat der Jugend- an Drogenhëllef, dat si Projete mat de Schoulen, dat si Projete mat der Police, dat si Projeten och mat der Kooperatioun.

Ech wollt just dat präziséieren, net datt ee weess, a wéi gesot, säit dem Ufank vun der Créatioun vun deem Fong, sinn am ganze fir d'Präventioun, fir d'Lutte géint d'Toxicomanie bal 29 Milliounen Euro am ganzen investéiert ginn. Ech wollt dat just präziséieren, well ech virdrun e bësse séier driwwer gaange sinn.

**Lydia Mutsch:** Ech hu vläicht och nach eng Ajoute, an dann hate mir wierklech e kompletten Tour de table doriwwer gemaach.

Well Dir d'éinescht déi Fro gestallt hutt, de Minister Asselborn hat mir nach mat op de Wee ginn, datt de Bureau des passeports an deene leschte Méint een eenzege Visa ausgestallt huet an d'Destinatioun vun engem vun deene Pays à risques, dat war ufanks Juni vun dësem Joer, dat ass e Ressortissant luxembourgeois gewiescht, en ass awer scho laang zeréck aus deem Pays à risques, an en erfreet sech allerbeschter Gesondheet.

**Paul Konsbruck:** Voilà, ginn et Froen un de Staatsminister? Michel Delage vum 100,7.

**Michel Delage:** Gesäit d'Regierung deemnächst nach eng Kéier d'Sozialpartner iert déi verschidde Spuermesuren décidéiert an annoncéiert ginn?
An dann hunn ech nach eng zweet Fro. Virgëschter huet den OGBL-President gemengt, datt déi geplangte Kontributioun vun 0,5% eventuell géint EU-Recht kéint verstoussen am Fall wou déi Kontributioun, also wou déi Sozialleeschtungen, déi iwwer déi Kontributioun finanzéiert solle ginn, d'Frontaliere sollt ausschléissen?

**Xavier Bettel:** Also zur éischter Fro. Jo, selbstverständlech. Mir hu jo och gesot, mir géife gären d'Sozialpartner gesinn. Mir wëllen dat och am September nach maachen, eng Kéier

mat hinnen zesummekomme fir een Échange ze huelen, esou wéi ech och gesot hunn, datt den Dialogue social muss lafen. A mir wäerte se och virun der Presentatioun am Oktober nach eng Kéier gesi fir méi detailléiert hinnen och eis Vue, fir d'éischt en Échange, an da selbstverständlech d'Vuen am Oktober.

Zu där Ausso vum Här Reding. Et muss een alles iwwerpréiwen. Also mir wëllen doutsécher näischt maache wou de Risque besteet, datt mir kéinten Onrecht kréien op europäeschem Niveau.

Ech wëll Iech just soen, datt déi Informatioun op där sech den Här Reding berifft, eng Fuite ass vun engem Projet, deen d'Regierung wëll maachen. Dat heescht, ech géif Iech just bieden ze waarde bis mir och fäerdeg sinn. An ech freeë mech wann ech am Oktober Iech all déi Piste ka ginn, datt dann och d'Kritiken, an dann d'Commentairen, an dann d'Positioune vun deem engen oder vun deem aneren dann och kënnen ze kommentéieren.

Ech kann Iech am Moment net méi soen, wéi dat wat ech Iech elo gesot hunn, dat heescht, et stoung eppes an der Zeitung, mä ech hunn Iech gesot, datt mir d'Volontéit haten an déi Richtung ze goen. Wéi et duerno definitiv ausgesäit, loosst eis dat nach ausschaffen. Mir hunn Iech deemools gesot, mir wieren amgaangen dorun ze schaffen.

Ech weess, et ass een ongedëlleg, et géif een am léifste scho gären alles wëssen. Et sinn nach e puer Wochen, an da gitt Dir alles gewuer.

**Paul Konsbruck:** Domat ass och eng Fro beäntwert ginn, déi guer net gestallt ginn ass, nämlech wéini déi Annonce sinn. Am Oktober wäerten d'Annonce sinn, an dëse Mount dann d'Gespréicher mat de Sozialpartner. Weider Froen? Keng Froe méi? Joëlle Merges vum Lëtzebuerger Wort.

**Joëlle Merges:** Ech wollt froen, wéivill déi ganz Streaming Aktioun hei kascht mat Réaménagement vum Sall, an ob am Budget ee Posten dofir virgesi war, oder wéi dat soss finanzéiert gëtt?

**Xavier Bettel:** Ja Här Konsbruck.

**Paul Konsbruck:** Ech hu keng Informatioune bei mir wat déi Käschte betrëfft. Dat selwecht gëllt fir de Réaménagement vum Sall, kann ech Iech net elo hei esou soen. Allerdéngs ass et esou datt mir op verschiddene Plazen op deem Budget op deem geschafft gëtt, Aspuerunge gemaach hunn. An op Grond vun deenen Aspuerunge si verschidden aner Saache méiglech, dozou gehéiert och de Streaming.
Et ass och esou datt jo schonn de Premier bei senger éischter, oder eng vu sengen éischten offizielle Rieden als Premier, nämlech beim Rendezvous fir d'Press annoncéiert huet, datt dat géif geschéien. An et war vun Ufank u kloer datt dat mat Käschte verbonne wier. Wann ech soen, hien huet d'Annonce gemaach op Neijoeschdag, oder kuerz no Neijoeschdag, dann huet dat seng Grënn firwat datt dat gedauert huet bis September bis de Streaming en place ass, well een ebe justement gekuckt huet fir d'Käschten esou kleng wéi méiglech ze halen.

**Xavier Bettel:** Ech wëll och just soen, datt déi Réaménagementer an deem hei Sall duerno fir d'Présidence dann och deen offizielle Sall ass wou dann och d'Pressekonferenzen, net nëmme vum Premier an net nëmme vum Minister Schneider sinn. Den Här Schneider ass och bereet während der Présidence deen hei Sall da fir d'Pressekonferenzen, fir d'Gäscht déi mir da kréien, och zur Verfügung ze stellen, fir datt och d'lëtzebuerger Press an och déi Gäscht, déi aus dem Ausland kommen, an engem adäquaten Zoustand kënnen, also an adäquate Konditioune kënnen hir Froe stellen, an och hir Äntwerten och kréien.

**Paul Konsbruck:** Claude Zeimetz, RTL.

**Claude Zeimetz:** Wa mir elo scho bei de Sue sinn, da wollt ech just nach eng Kéier nofroen, wéivill Suen datt dat da sinn, déi elo vun deenen Hëllefe fir Fräiwëlleger an d'Garantie Jeunesse fléissen? Wéivill Leit waren do betraff, well do hu mir guer keng Gréissenuerdnung nach kritt?

**Xavier Bettel:** Et ass e bëssen ënnert enger halwer Millioun, sauf erreur de ma part. Ech hunn elo, ech kann awer d'Zuelen, neen.

**Paul Konsbruck:** Dat sinn zum Deel Suen, déi duerno och geholl gi fir Posten ze bezuelen, déi op där Plaz sinn. Also et gëtt do och a Leit investéiert, dat heescht, an d'Personal wat Accompagnement mécht, Éducateuren. An ech mengen et si 480.000 Euro.

**Xavier Bettel:** Jo, et si 480.000, et ass ënnert 500.000 Euro.

**Paul Konsbruck:** Jo, Här Jacoby, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek.

**Jean-Marie Jacoby:** Jo, ech wollt froen, ass dann elo de Wirtschaftskrich géint Russland ofgesot? A kënne mir dann elo opootmen?

**Xavier Bettel:** Also ech ootmen op, Här Jacoby, wann ech d'Garantie hunn, datt keng Leit méi dohanne stierwen. Esou laang ech nëmmen iwwer Twitter oder Medie gesot kréien, datt d'Saach sech berouegt, ootmen ech net op.

Mir feiere 70 Joer Befreiung dëst Joer. Virun 100 Joer huet den 1. Weltkrich ugefaangen. Ech wäert all meng Energie benotze fir datt Dialog, oppen Diere sinn, datt deen ee mat deem anere schwätze kann.

Dir schwätzt vu Wirtschaftssanktiounen. Wa Sanktiounen, gleeft net datt ee Sanktiounen hëlt fir Sanktiounen ze huelen, mä datt et drëms geet een ze iwwerzeegen, datt déi Pist déi e geholl huet, net déi richteg ass. Mir hunn ëmmer probéiert e balancéierten Dialog ze hunn. Mir hunn ni gefrot fir den Dialog ofzebriechen. Mir hunn ni déi, déi gewiescht sinn, déi an déi eng oder an déi aner Richtung total forcéiert hunn. Mir hunn ëmmer probéiert um Niveau, um europäeschen Niveau, um internationalen Niveau, a mat den, nach leschte Samschdeg zu Bréissel, ze kucke Fridden op där Plaz ze kréien.

Ech soen Iech et nach eng Kéier. Ech gehéieren zu deenen, an Dir och Här Jacoby, déi ni e Krich kennegeléiert hunn. An ech wäert alles maache fir datt mir och ni an esou eng

Situatioun kommen, mat menge bescheidene Mëttelen déi ech hunn, mä wou ech um Dësch mat deenen anere 27 Kollege sëtzen, gehéieren ech zu deenen, déi fir Fridde sinn, an déi keng Surenchère wëlle maachen. Ech kann dat net.

An ech muss Iech soen, datt ech, et soll een net aus dem Conseil schwätzen, well normalerweis een dat net mécht. Mä d'Madame Merkel huet eng Ried gehalen, déi, also eng Interventioun gehat, déi mir wierklech un d'Häerz gaangen ass, wou se gesot huet, ech hu 35 Joer laang hannert enger Mauer gelieft, viru 25 Joer ass déi Mauer gefall, mäi Land ass responsabel fir zwee Weltkricher, ech wäert alles maache fir datt mäi Land net responsabel a mat bedeelegt ass fir eng nei Eskalatioun an engem Land. An ech muss Iech soen, do iwwerleet een.

Wéi gesot, also, ech si berouegt wann ech schwaarz op wäiss gesi wat lass ass, an eng Deeskalatioun net nëmmen an de Medie liesen, mä och um Terrain ka constatéieren. Ech si vun Natur aus kee groussen Optimist esou laang ech net gesinn, datt Resultater och do sinn op deem Punkt.

**Paul Konsbruck:** Weider Froen? Da géif ech Iech Merci soen.

SIP/03.09.2014